

ofgehalen. D'Chamber war vertrueden duerch déi Häre Marcel Glesener, Gusty Graas, déi Damme Lydie Err a Mady Delvaux-Stehres, an den Här Norbert Hauptert.

Bei där Geleeënheet gouf déi laangjäreg Sekretärin vun der Lëtzebuerger Delegatioun, d'Madame Marie-Anne Delmotte, déi an d'Pensioun geet, offiziell vum Chamberpresident an de Membere vun der Delegatioun geëiert.

2. Retrait du rôle du projet de loi 3795

An hirem Brëif vum 28. Juni 2002 huet d'Regierung virgeschloen, de Projet de loi 3795 iwwert d'Apdikte vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

3. Ordre du jour

Den Ordre du jour vun dëser Woch ass an der Sitzung vum 4. Juli vun der Chamber gutgeheescht ginn.

Op Ufro hi vun der Regierung a mam Accord vun de Rapporteurs ass fir en Donneschdeg, den 11. Juli, eng Ännerung an der Reiefolleg vun de Projete proposéiert ginn, déi sech folgendermoossen duerstellt:

- fir d'éischt hu mer de Projet de loi 4844 iwwert d'Concurrence déloyale;
- duerno de Projet de loi 4714 iwwert d'Transporteurs de voyageurs;
- dann de Projet de loi 4899 iwwer Belval-Ouest; a schliesslech
- de Projet de loi 4753 iwwert de Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

(Interruption)

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech froen d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de révision vun der Constitutioun.

M. le Président.- D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert.

4. Dépôt d'une proposition de révision concernant l'article 11 de la Constitution par Mme Renée Wagener

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt heimadder eng Proposition de révision déposer, fir den Artikel 11 vun der Constitutioun dohin-

gehend ze änneren, fir den Déiereschutz an d'Verfassung anzeschreiwen.

- *Proposition de révision de l'article 11 de la Constitution concernant la protection des animaux - N° 4990.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun där Proposition de révision. Se gëtt weider un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun geleet.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4464A a 4464B iwwert de Beruff vum Geometer an iwwert d'Kadasterverwaltung. Déi zwee Projete ginn an enger Diskussioun behandelt.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Calmes, Gibéryen, Bausch an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projets de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

5. Projet de loi 4464A portant

- **création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel;**
- **modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales**

Projet de loi 4464B portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Projeten, déi mer haut de Mëtteg hei virleien hunn, hunn eng laang Geschicht a waren ursprüngelech och an engem Projet zesummegefaasst. Dofir wëllt ech se och hei zesumme presentéieren.

Schonn den 28. August 1998 huet de Budgetsminister an der Chamber e Gesetzesprojet deponéiert, deen aus véier Deeler bestanen huet:

- en éischten Deel, deen d'Créatioun an d'Organisatioun vum Beruff vum Geometer regelt;
- en zweeten Deel, deen d'Créatioun vun engem Ordre des Géomètres hei zu Lëtzebuerg behandelt;

- en drëtten Deel iwwert d'Modificatioun vum Gesetz vum 21. Juni 1973 iwwert d'Organisatioun vun der Verwaltung vum Kadaster a vun der Topographie; an
- e véierten Deel, deem d'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert de Cadastre vertical ëmännere soll.

Dëse leschten Deel sollt nëmmen den Délai, deem am Gesetz vun 1988 virgesi war, fir d'Immeublen an enger Kooperatioun ze identifizéieren, ëm fënnef Joer verlängeren. Well deem Délai awer den 1. Abrëll 1999 verfall ass, huet deem Deel vum Projet d'urgence missen évaquéiert ginn. De Conseil d'Etat huet deem Deel den 9. Mäerz 1999 separat aviséiert, d'Finanz- a Budgetskommissioun huet den 11. Mäerz säi Rapport ugeholl an d'Chamber huet den 23. Mäerz 1999 déi Partie vum Gesetz gestëmmt.

Véier Beruffschamberen, an zwar d'Chambre d'Agriculture, d'Chamber vun de Statsbeamten, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, hunn am Laf vum Wanter '98 a vum Fréijoer '99 den urspringleche Projet, dat heescht mat deene véier Deeler, aviséiert.

Den 19. Juni 2001 huet de Statsrot en Avis complémentaire zu deenen dräi iwwreg geblivvenen Deeler vum Projet ofginn. De Statsrot huet fonnt, datt keen direkten Zesammenhang tëschent dem éischten Deel, dat heescht der Organisatioun vum Beruff vum Geometer, an dem drëtten Deel, dat heescht der Organisatioun vun der Administratioun vum Kadaster, géing bestoen, an huet proposéiert, fir déi zwee Deeler ze séparéieren an zwee separat Projeten ze traitéieren.

Wat den zweeten Deel vum Projet ubelaangt, dat heescht den Ordre des Géomètres hei zu Lëtzebuerg, esou huet de Statsrot fonnt, datt esou en Ordre nëmmen eng Daseinsberechtigung hätt, wa genuch Leit do wieren, déi dee Beruff fräiberufflech géingen ausüben. Well awer zur Zäit vum Avis vum Statsrot praktesch alleguer d'Geometere entweder beim Stat occupéiert waren oder bei enger Gemeng, oder och nach bei der Eisebunn, oder Lounëmfänger bei engem Patron waren, huet de Statsrot gemengt, datt fir de Moment keng Urgence do wier fir esou en Ordre an d'Liewen ze ruffen. En huet proposéiert, datt mer deem Deel vum Gesetz sollen e wéineg op d'Äis leeën.

Doduerch hu mer haut zwee Projete virleien, déi wéinst hirem Ursprong zesumme gehéieren an déi ech dann och wéilt hei diskutéieren. Mir hunn eis an der Chamberskommissioun un den Text, deem de Statsrot proposéiert hat, ugelehnt.

Den éischte Projet behandelt d'Kreatioun an d'Organisatioun vum Beruff vum Geometer a vum Géomètre officiel. De Moment kënnen d'Bescheinegung vum offizielle Vermessung vu Grondstécker, déi engem notariellen Akt oder engem administrativen Akt oder och nach engem Gerichtsuerteel annexéiert solle ginn, nëmme vu staatlech agréierten diploméierte Geome-

teren erstallt ginn. Dat sinn alleguer d'Statsfonctionnairen oder d'Beamte vun enger Gemeng oder och nach d'Beamte vun der nationaler Eisebunnsgesellschaft. Nëmmen den Office de Remembrement kann, wann den zoustännege Minister domat d'accord ass, déi Vermessungen, déi eben an d'Kompetenz vum Remembrement falen, u Privatbüroen delegéieren.

Well an deene leschte Joren awer d'Besoine vun de Vermessungen duerch dat villt Bauen, duerch déi vill Lotissementer a besonnesch d'Créatioun vun deene villen Aktivitéitszonen an och nach d'Baue vun deene ville Stroossen enorm zougeholl huet, kount de Kadaster all deenen Ufroen net méi no, sou datt am Moment Retarde vun iwwer zéng Joer an de Vermessungen ze verzechnen sinn. Dës Situatioun ass onerträglech ginn an d'Regierung huet décidéiert, wéi dat och an anere Länner de Fall ass, de Beruff vum Geometer ze liberaliséieren.

De Beruff vum Geometer ass villsäiteg a begräift net nëmmen déi offiziell Vermessung vu Grondstécker. Esou gehéieren zu sengen Attributiounen ënner anerem och nach d'Eichen an d'Astelle vu Landvermessungsapparaten, d'Kontrolle vu Vermessung vum Industrie- a Sportsinstallatiounen, d'Kontroll vun all Zort vun dräidimensionale Baulechkeeten, an anerem nach méi.

Vill vun deenen Aktivitéiten hu keen hoheitsrechtliche Charakter a kënnen also och vun net vereedegte Geometere ausgeübt ginn. Dofir huet de Statsrot och proposéiert, zwou Kategorië vu Geometere anzeféieren: den einfache Geometer an den offizielle Geometer. Nëmmen den offizielle Geometer kann technesch Operatiounen oder Etüden iwwert d'Grenzen an d'Uewerfläche vu Grondstécker, déi en offizielle Charakter duerstellen, ënnerhuelen. An deene Funktiounen sinn déi fräiberufflech offiziell Geometere awer der Kontroll vun der Kadasterverwaltung ënnerworfen, déi nach ëmmer Garant fir déi juristesche Genauegkeet an d'Homogénéitéit vun der Kadasterdokumentatioun vun eise Territoire bleift.

Fir einfache Geometer ze gi muss een d'Konditiounen vun de Studien erfëllen, dat heescht Titulaire vun engem Universitätsdiplom sinn oder engem Diplom vun enger technescher Héichschoul mat universitärem Charakter an de Spezialitéit vun der Geodésie, der Topographie an och nach aneren, déi ech lech awer hei wéilt erspieren. De Kandidat muss niewebäi och honorabel sinn an eng Genehmigung vum Minister a vun de Classes moyennes hunn.

Fir offizielle Geometer ze gi muss de Geometer donieft och nach Lëtzebuerger sinn oder Ressortissant vun engem Land, dat der Europäescher Unioun ugehéiert, an e Stage vun zwee Joer bei engem offizielle Geometer, wouvun en halleft Joer an der Kadasterverwaltung, gemaach hunn, an en „Examen de fin de stage“ virun engem lëtzebuergesche Jury ofgeluegt hunn.

D'EU-Bierger, déi schonns Titulaire vun engem Titel an hirem Land sinn, deem equivalent mat deem vun eise offizielle Geometer ass, kënnen eng Dispens vum Stage kréien. Si mussen awer eng Epreuve complémentaire iwwert den Droit constitutionnel, d'Zivilrecht, de Lëtzebuerger Droit administratif an iwwert d'Organisation an d'Direktive vun der Kadasterverwaltung maachen.

Och den ugestallte Beamte vun der iewechter Carrière vun der Kadasterverwaltung kann den Titel vum „Géomètre officiel“ kréien, ënnert der Kondition, datt e wierklech am Beruff vum Geometer dran ass, dat heescht, datt en déi Etüde vum Geometer och gemaach huet.

Den offizielle Geometer muss Sproochekenntnisser am Lëtzebuergeschen nowiese kënnen. Hien ass professionell, zivil- a strofrechtlech verantwortlech, wann hien duerch de Manktum u Sproochekenntnisser Feeler an der Ausübung vu sengem Beruff géing maachen.

De Minister, deem d'Kadasterverwaltung a sengen Attributiounen huet, féiert en Tableau vun den offizielle Geometere, deem all Joer am Mémorial publizéiert gëtt. Hie ka Sanctiounen géint den offizielle Geometer, dee Feeler an der Ausübung vu senger Fonctioun begaangen huet, ergreifen.

De Projet gesäit och transitoiresch Moossname fir déi Leit vir, déi während enger gewësser Zäit, virun dem Datum, wou dat Gesetz hei a Kraaft soll treden, Aktivitéite bei eis am Land ausgeübt hunn, déi an d'Attributiounen vun engem Geometer falen an en Diplom hunn, deem eng Formatioun an de Fächer vun de Spezialitéite vum Geometer sanctionnéiert. Déi Leit kënnen iwwer zousätzlech Epreuven Geometer respektiv „Géomètre officiel“ ginn.

D'Berufschamberen hunn en Avis favorable zur Liberalisatioun vum Beruff ofginn. D'Chambre d'Agriculture hat Bedenken, datt duerch d'Liberalisatioun vum Beruff d'Vermiessungskäschte staark an d'Luucht kéinte goen. Déi Suerg hunn och eng Partie Membere vun der Kommissioun ausgedréckt. Effektiv ass virgesi fir déi offiziell Käschten, déi vun der Verwaltung gefrot kënnen ginn, an déi an engem Projet de règlement grand-ducal opgefouert mussen ginn, ze erhéien. Et muss een awer ervirhiewen, datt déi Tariffer scho laang net méi ugepasst goufen. Et ass och nach wichteg hei ze ënnersträichen, datt d'Vermiessunge vun dem Remembrement an der Zukunft, grad esou wéi dat bis elo de Fall war, nach ëmmer gratis duerchgefouert ginn.

Eng Partie Kollegen aus der Kommissioun haten och Bedenken, wat d'Délocalisatioun aus der Statsverwaltung a Privathänn vun hoheitsrechtlechen Aufgaben, wéi déi vun der offizieller Vermiessung vun eise nationalen Territoire, ubelaangt. Hei muss ee bemerken, datt esou Akte vun hoheitsrechtlichem Charakter nëmme kënnen vun engem offizielle Geometer an ënnert der

Kontroll an der Garantie vun der Kadasterverwaltung gemaach ginn. D'Kadasterverwaltung bleift nach wie vor eleng Meeschter iwwert d'Féiere vun eise Kadaster.

Dee Problem, deem d'Kommissioun besonnesch beonrouegt huet, war dee vun der Onofhängegkeet vun dem offizielle Geometer. D'Kommissioun war der Meenung, datt de Beruff vum Geometer net kompatibel mat enger anerer Aktivitéit wier, déi d'Integritéit an d'Onparteilchkeet vum Geometer kéint a Fro stellen, wéi zum Beispill d'Ausübe vum Beruff vun engem Immobilienagent oder engem Promoteur.

D'Finanz- a Budgetkommissioun huet och en deementsprechenden Amendement proposéiert, dee mat enger klenger Ëmännerung duerch de Statsrot an d'Gesetz integréiert gouf. Dësen Amendement verbitt dem Geometer eng aner Aktivitéit wéi déi vum Geometer auszeüben oder enger Berufsgemeinschaft, an där Leit aus anere Beruffer wéi déi vum Geometer tätig sinn, bäizetrieden.

Wat den zweete Projet ubelaangt, dat heescht d'Modificatioun vum Gesetz iwwert d'Kadasterverwaltung, esou muss ee soen, datt mat deenen neien Attributiounen, déi der Verwaltung uvertraut goufen, an deene Missiounen, déi aus der Privatiséierung vun dem Geometerberuff entstinn, d'Loi organique vun der Verwaltung net méi adaptéiert war an huet missen amendéiert ginn. Well awer duerch déi vill Amendementer net méi vill vun deem ale Gesetz iwwreg bliwwen ass, huet de Statsrot proposéiert, gläich en neit Gesetz ze schreiwen.

Zu deenen neie Missiounen vun der Verwaltung gehéieren:

- d'Opstellen, d'Gestioun, d'„Tenue à jour“ an d'Verdeelung vun de geographeschen an topographesche Basisdonnéeën vun eise Territoire;
- d'Kontroll vun den Aktivitéite vun den offizielle Geometere;
- d'Opstelle vun engem neien integréierte Gestiounssystem vun der Publicité foncière;
- d'Commercialisatioun vun den numerische Produkter vun der Verwaltung.

Dat huet eng intern Reorganisatioun vun der Verwaltung mat der Kreatioun vun engem drëtten Departement, deem d'Zentralservicer an de Service informatique begräift, bedingt.

Fir deenen neie Missiounen gerecht ze ginn huet och d'Carrière supérieure vun der Verwaltung fir aner Spezialiste wéi Ingenieuren oder Geometere missen opgemaach ginn. Esou goufe Juristen, Ekonomisten an Informatiker an de Kader vun der Kadasterverwaltung ageschriwwen.

Et sief bemierkt, datt d'Verwaltung och nach an der Zukunft, nieft den offizielle Geometeren, offiziell Vermessunge wäert duerchféieren. Fir awer sengen anere Missiounen besser nokommen ze kënnen, wäert d'Verwaltung seng Vermessungsarbechten op déi vum öffentleche Secteur beschränken.

A senger Sëtzung vum 1. Juli huet d'Finanz- a Budgetkommissioun de Rapport majoritär ugeholl. Well de Projet vu grousser Wichtigkeet fir Vermessungsarbechte vun eise Lännereien an d'Reorganisatioun vun der Kadasterverwaltung ass, wier ech frou, wann dësse Projet hei an der Chamber eng grouss Majoritéit géng fannen. Ech bréngen och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet elo in extenso den Inhalt vun deem heite Projet op eng sachlech an objektiv Aart a Weis duergeluegt. En huet och fairerweis en Deel vun deenen Objektiounen ervirgestrach, déi verschidde Memberen an der Kommissioun bei den Debatten iwwert dësen Text virbruecht hunn. Ech wëll net méi esou séier op den Inhalt selwer vum Text agoen, mä op déi Reservë mech konzentréieren, déi eis Fraktioun an de Kommissiounsarbechte geäussert huet an déi ech elo an der Sitzung wëll widderhuelen.

Op den éischte Bléck ass dat hei e Projet, deen acceptabel schéngt ze sinn. E läit an der Linn um europäesche Plang vu ganz ausgeprägte Liberaliséierungsbewegungen, wou et an deene leschte Jore verstärkt drëm gaangen ass, fir eng Ouverture ze maachen hin zum Privatsektor an eenzelne Felder, wou bis dohin e Monopol vu staatleche Servicer bestanen huet.

Dat Opbrieche vu staatleche Monopolen an doduerch d'Méiglechkeet vun engem fräie Wettbewerb soll derzou féieren, dass Liewen an déi Secteuren erakënnt, soll derzou féieren, dass och Präisbaissen an deene Secteuren ze verzeche sinn duerch d'Spill vun der Konkurrenz.

Esou hu mer iwwert déi lescht Joren um europäesche Plang a ganz ville Felder eng Ouverture gemaach. D'Fro, déi sech stellt, ob déi Beweggrënn, déi an eenzelne Beräicher hir Gültigkeet haten, ob déi och kënnen op de Beräich vum Vermessungswiese vum Kadaster ugewannt ginn, esou dass een, wann een en zweete Bléck op deen heiten Text werft, ee muss kritisches sinn, well dësse Projet haut, vläicht nach méi wéi 1998, eng ganz Rëtsch vu prinzipielle Froen opwerft, déi hei esou e bëssen en passant mat Lénks behandelt ginn, an déi

eigentlech am Virfeld eng grondlegend Debatt hätte missen déclenchéieren.

Ech wëll haaptsächlech zwee Punkten uschneiden. Deen éischte Kritikpunkt, dee mer hunn, dee beweegt sech ronderëm d'Ausübung vu staatlechen Hoheitsrechter, an dësem spezifische Fall am Vermessungswiesen. Den zweete Kritikpunkt dréit ronderëm de Käschtepunkt vun där heite Reform, déi net wäert zu enger Verbëlleegung vu Wunnengsbau zu Lëtzebuerg bäidroen, mä zu enger Verdeierung a virun allem een Element, dat de Rapporteur net deementspreechend ervirgestrach huet, an zwar déi praktesch Konsequenze vun deem heiten Text. Dorop musse mer zrëckkommen an dat solle mer och hei an der Chamber debattéieren.

Zum éischte Punkt: D'Ausübung vu staatlechen Hoheitsrechter oder och d'Definéierung vum Service public. Dat si keng Niewefroen, dat si Froen, iwwert déi schonn iwwer Joren an der Lëtzebuerger Politik diskutéiert ginn ass a wou een awer mierkt iwwert déi Texter, déi duerch d'Chamber virgeluegt ginn, dass mer no an no amgaang si vun enger prinzipieller Positioun vu viru Joren ofzeréckelen a Stéck fir Stéck eigentlech an eng aner Richtung ginn, wat de Service public zu Lëtzebuerg betrëfft, wou mer ëmmer méi derzou iwwerginn, fir déi do Déngschtleeschung eigentlech an d'Hänn vu privat-rechtliche Gesellschaften ze ginn oder an de Privatsektor eriwwe ze féieren. Dat geschitt à la douce. Et ass allerdings an eisen Aen eng Fro, déi ee fir d'éischt misst prinzipiell diskutéieren, wou ee misst d'Linne gemeinsam festleeën, fir dann zur Exécutioun vun deene Regeln ze kommen.

Duerch dësen Text gëtt de Géomètre officiel agefouert, deen offiziell Vermessunge ka virhuelen. Dat sinn déi Leit, déi haut als diploméierten Ingénieur bei der Kadasterverwaltung schaffen. Dobäi kommen an Zukunft och EU-Bierger, déi déi néideg fachlech Kompetenzen hunn an déi och, insofern se net elo schonn op eng beruflech Erfahrung an deem Secteur zrëckgräifen, sech mussen enger Rei vu Konditiounen, wéi zum Beispill engem Stage an engem Examen beim Stat, ënnerwerfen. Domat gëtt dem Monopol vun der Kadasterverwaltung am Beräich offiziell Vermessungswiesen zu Lëtzebuerg en definitiivt Enn gesat.

E Problem, dee sech fir d'éischt stellt, ass deen, a wéi wäit déi privat Géomètres officiels, déi eigentlech Officier public gi mat deem heiten Text, wat schonn eppes ganz Eeigenarteges ass, an den Ae vun de Bierger, an den Ae vun deenen, déi déi Déngschtleeschungen an Usproch huelen oder déi, déi vun deenen Déngschtleeschungen betraff sinn, wierklech e Bild ofgi vun absoluter Impartialitéit an Objektivitéit, e Bild, wat e vereedegte Beamte sécherlech no bausse gëtt.

Et bleift also, trotz alle Verbesserungen, déi op eisen Drock hin an der Kommissioun duergesat gi sinn, wat d'Onvereinbarkeet ugeet vun deem Géomètre officiel

aus dem Privatsektor mit zum Beispiels Aktivitäten, die am Promotionsbereich an am Immobilienbereich sich ansiedeln, ein Reschtrisiko an der Front, was bei Kontestationen d'Onofhängegkeet, d'Impartialitéit, d'Objektivitéit von deene private Géomètres officiels kann ugefecht ginn.

Ech kënnt mer duerchaus eng Situatioun virstellen, wou zum Beispiels eenzel grouss Promoteure géife systematesch op d'Dingschter von esou engem Géomètre officiel zrëckgräifen. Da stellt sech natierlech d'Front, wéi wäit ass deen en fait nach wirtschaftlech onofhängeg, wann e seng Optrag zu 100% iwwer een oder zwee Büros géif kréien a blouss nach fir déi Büros géif schaffen. Dat ass net nëmmen en theoretescht Beispiels. Dat do ass e praktescht Beispiels, wat sech duerchaus kann an deenen nächste Joren zu Lëtzebuerg weisen.

Et bleift also ein Reschtrisiko trotz deene Verbesserungen, die um Text virgeholl gi sinn, am Kader von der legislativer Prozedur, wat déi Front von dem Bild von der Onofhängegkeet no bausse von deene Géomètres officiels, die am Privatsektor tätig sinn, ugeet.

An deem Zesammenhang och de Problem von dem Opgi vu staatlechen Hoheitsrechten an d'Ausübung von engem Deel vu staatlechen Hoheitsrechten duerch Leit, die net an der Fonction publique ugesiedelt ginn. D'Opmoosse von Terrainen, Bornage-Aktionen sinn an eisen Aen en Deel vu staatlechen Hoheitsaufgaben, die elo deelweis an de Privatsektor eriwweergereecht ginn. Dat mag vläicht am Trend von der Zeit leien, fir die do Attributionen no an no ofzeginn. D'Regierung huet jo e Projet virgeluegt, fir dass d'Armée soll opgou fir EU-Bürger. D'Landesverteidigung, e weidert Attribut vu staatlechen Hoheitsrechten, soll also och opgemaach ginn, ouni dass prinzipiell virdrun die do Froen ausdiskutiert gi sinn.

An eisen Aen ass dee Wee, deen hei gewielt ginn ass, deen och an der viregter Regierung zrëckbehale gi war, e Wee, dee fraglech ass, well en esou vill Froen mat sech zitt, dass een hei net ka lichterfänger a séier einfach op deen do Won opspringen. Et ass wichtig, dass een och do, net nëmme punktuell von Dossier zu Dossier die Froen ugeet, mä dass een die wierklech op méi enger fundamentaler Basis debattiert, ier een da punktuell an eenzelne Bereiche versicht die Prinzipien emsetzen.

Anstatt eigentlich der Kadasterverwaltung eng echt Chance ze ginn, fir hir Délaien ze reduzieren an e gewässene Retard opzeschaffen, gëtt an deem heite Fall liberaliséiert. Zënter méi wéi 10 Joer ass de Kader von der Kadasterverwaltung net méi opgestockt ginn. Zënter dass de Cadastre vertical agefouert ginn ass – wat sengerzeit mat engem Méi un Aarbecht verbonne war –, sinn eigentlich d'Ziele vom Kader an der Kadasterverwaltung onverännert bliwwen, dat obwuel mer an den 90er Joren zu Lëtzebuerg e Bauboom kennt hunn, sief et vu staatlecher, sief et vu privater Säit, sief

et am Wunnensbau, sief et am Bereich von den öffentlichen Infrastrukturen, wéi dat virdrun ni de Fall war, an d'Kadasterverwaltung huet nach weider mat deene Mëttele geschafft, die hir eng Kéier an den 80er Joren zugestane gi waren, wou d'Situatioun eng ganz aner war.

Eiser Meinung no hätten sollen die Staatsverwaltung, also d'Kadasterverwaltung eng echt Chance kréien duerch besser Mëttele, duerch méi Personal, fir können hir eigentlich Aufgaben an uerdentlechen Délaien durchzuführen, anstatt dass mer elo, ouni hir die Chance ginn ze hunn, op de Wee gi fir ze liberalisieren. Do sinn d'Prioritäten, an eisen Aen, falsch gesat ginn. Et wär méi richtig gewiescht, fir d'éischt emol de bestehende Service public à même ze setzen, fir seng Aufgaben auszuführen. A wann dat net méiglech gewiescht wär, dann eventuell op eng Liberalisierung zrëckzugreifen, op en Opmaachen zum Privatsektor hin, wéi dat elo hei geschitt.

Ech si sécher, dass wann die staatleche Verwaltung d'Mëttele kritt hätten, fir all hir Kompetenzen auszuüben, dann hätten et net bräichten zu der Privatisierung vom Vermessungswesen zu Lëtzebuerg ze kommen.

Dat zum éischte Kritikpunkt, deem von der Ausübung vu staatlechen Hoheitsrechten duerch Leit, die am Privatsektor ugesiedelt sinn.

En zweeten Hauptkritikpunkt, a vläicht dee wichtigste fir eis an diesem Moment, dat ass awer och die praktesch Auswirkung, die deen heiten Text wäert kréien. Ech weess net, ob e wierklech zu enger Reduzierung von den Délaien wäert féieren, mä wat elo scho sécher ass, dass en zu enger Verdeierung vom Vermessungswesen von de Bauplätze féiert, dass en zu enger Verdeierung vom Wunnensbau och wäert féieren. Dat mécht jo e bëssen drollig an deem Moment, wou mer eis elo hei an der Chamber befannen, wou mat groussem Karacho probiert gëtt, fir par force nach virun Toresschluss eng Rei von neuen Texten iwwert de Wunnensbau durchzuekréien, wou et drëm geet eng Verbellegung eigentlich vom Wunnensbau durchzuführen, an die Woch virdu gëtt e Gesetz hei diskutiert a wahrscheinlich von der Majoritéit guttgeheescht, wat wäert an dem Bereich vom Vermessungswesen, wat en Deel vom Baupreis ausmacht, zu enger Verdeierung von de Käschte fir den eenzelne Bürger féieren.

Dat ass e bëssen e Broch an der Logik von där Démarche, die d'Regierung sech an deene leschte Wochen an deem do Domaine ginn huet, nodeem se e puer Joer net ganz aktiv am Bereich Verbellegung vom Wunnenswesen war.

Et ass an eisen Aen onverständlech, firwat mer d'nächst Woch dierfen hei iwwer steierlech Moosnamen diskutieren, iwwer Bähilfe fir de Wunnensbau méi bëlleg ze maachen, an eng Woch virdu gëtt hei dat, wat

mer dem Bauwiese virwerfen, ouni dass dat wuel no baussen deklaréiert gëtt, also eng Verdeierung duerch d'Vermoose vum den Terraine virgeschloen. Dat passt net an d'Situatioun vum 2002 eran opgrond vum där Bestandsopnahm, wou jiddferen der Meenung war, dass alles misst gemaach ginn, fir d'Wunne méi bëlleg ze maachen. Abee, dëse Projet geet an déi aner Richtung.

Schonn haut, dat wësse mer, leien am Privatsecteur d'Präisser fir d'Vermoose vum Terraine fënnemol méi héich, wéi wann de Kadaster dat mécht. D'Regierung schléit vir an engem Projet de règlement, dee se eis an der leschter Sitzung vum der Kommissioun nach eng Kéier ausgedeelt huet, fir eng Verdräifachung vum de Präisser ze maachen. Dat heescht am Klortext, fir dass mer e bësse wëssen, iwwer wat mer schwätzen: Wann een haut eng 20.000 Frang fir d'Vermiessung vum engem Terrain duerch de Kadaster bezuelt huet, wäert no dem Projet vum der Regierung dat an Zukunft 60.000 Frang kaschten. An haut, wann een op de fräie Maart geet, wou dann d'Tarifer applizéiert gi vum Ordre des Architectes et Ingénieurs, da bezillt een eng ronn 90.000 Frang fir d'Vermiessungsarbecht vum engem Bauplaz. Dat heescht, mir gi schrëttweis an eng Verdräifachung vum deene bestehende Präisser an d'Regierung wäert net kënnen do stoe bleiwen, wou se sech elo décidéiert huet.

Duerch de Fait, dass hei de Marché opgeet fir de Privatsecteur, kann de Stat net Concurrence déloyale bedreiwe par rapport zum Privatsecteur. Déi Tariffer vum den Architekten an Ingénieurs, déi de Stat bei alle Bauprojeten akzeptéiert a selwer schonn am Vermiesungswiesen deelweis akzeptéiert huet bei eegene Projeten, muss en am Endeffekt akzeptéiere spéiderhin, wann et ëm d'Ausmoosse vu Privatteraine geet, sou dass d'Regierung wäert forcéiert ginn, fir wa se elo de Courage net huet fir dat an der éischter Kéier ze maachen, an där Logik, an déi se sech selwer eraginn huet fir no der Verdräifachung vum de Präisser herno mussen op déi Verfënnfachung, Versechsfachung vum de bestehende Kadastertariffer ze kommen, wat jo Taxé sinn, well ganz einfach dat déi Tariffer sinn, déi am Privatsecteur üblech sinn an déi eigentlech vum den Autoritéiten am Privatsecteur akzeptéiert sinn.

Ech gleewen net un déi Theorie an deem heite Secteur, déi seet: Wann een opmécht fir de Privatsecteur, da gëtt et méi bëlleg. Ech gleewen net dorun. Ech gleewen éischter drun, dass et den ëmgekéierte Wee geet, an dass et wäert zu enger Verdeierung vum Vermiesungswiese kommen an domat indirekt eng Verdeierung vum Wunnengsbau wäert duerch deem heiten Text entstoen.

Elo kann ee soen: Déi doten Zommen, dat ass d'Welt net all. Mä alles dat cumuléiert sech jo mat anere Käschen, déi net wäerte stoe bleiwen. Dat Ganzt do passt einfach net an dat Bild era vum deem anscheinend gemeinsame

Wëlle fir d'Bauwiesen an de Wunnengsbau hei präislech net unzedreiwen, mä am Géigendeel zu enger Reduzéierung vum de Präisser an deem dote Secteur ze kommen.

Mir mengen also, dass an der ablécklecher Situatioun deem heite Projet net gutt ass, dass en net an déi gesamt politesch Landschaft passt vum, an eisen An, enger néideger Opwärtung vum Service public a vu Kohärenz, wat de Wunnengsbau ugeet, wou et muss zu enger Verbëllegung vum Wunnengspräis kommen. Duerfir bedauere mer, dass d'Regierung awer drop beharrt huet, fir an deem Moment deem heite Projet an der Chamber nach virum der Vakanz zur Ofstëmmung ze bréngen. Et wär besser gewiescht, et hätt een all déi Moosnamen ofgewaart, déi am Wunnengsbau elo solle kommen, an dann hätt een à tête reposée nach eng Kéier kënnen iwwert déi dote Froen diskutéieren. Dat hei ass sécherlech e Signal an déi falsch Richtung, wat de Wunnengsbau ugeet.

Besonnenesch muss een nodenklech stëmmen eng aner Ausso, déi am Exposé des motifs vum deem heiten Text dra steet an déi seet, dass eigentlech no Usicht vum der Regierung de Kadaster, also déi staatlech Verwaltung, prioritär just nach soll fir Stat a Gemenge schaffen, an dass d'Privatleit wann ech glift sech sollen un déi privat Büroe wenden, fir hir Vermiesungen duerchzéien ze loosse. Esou kann déi Arbeitsaufteilung do net ausgesinn. Et kann net esou sinn, dass d'Privatleit sollen dozou bruecht ginn, fir op déi méi deier Tariffer vum de private Büroen zrëckzegräifen, während u sech déi nach momentan méi llicht favorabel Tariffer vum der Kadasterverwaltung sollen dann nëmme fir de Stat a fir d'Gemenge gëllen.

Och an Zukunft also wäert d'Regierung mat der Fro konfrontéiert ginn, fir déi Verwaltung à même ze setzen, fir all hir Aufgaben a Kompetenzen uerdentlech kënnen auszuféieren. Mir bedauern als sozialistesche Fraktioun, dass deem zweeten Deel vum Projet ewechgespléckt ginn ass. Den ursprüngeleche Projet huet virgesinn, dass sollt hei zu Lëtzebuerg e Lëtzebuerger Ordre des géomètres geschafe ginn.

Mir sinn der Meenung, dass dat u sech eng gutt Saach ass, a mir sinn der Meenung, dass besonnenesch, wann deem heite Secteur elo opgemaach gëtt fir Privatleit, déi ausmoosse ginn, dass da muss een dofir suergen, dass eng Rei vum déontologesche Regeln an deem Secteur festgehalen ginn, an ee muss do sinn, deem dofir suergt, dass déi Regeln agehalen ginn. An der Logik vum deem ganze System misst dat deem Ordre des géomètres maachen.

D'Majoritéit huet decidéiert opgrond vu Remarken, déi vum Statsrot gemaach gi sinn, fir einfach dat emol hei falen ze loosse. Ech fäerten, an dëser Legislaturperiod wäert deem zweeten Deel vum ursprüngeleche Projet, dee vum der Schafung vum engem Ordre des géomètres,

net méi op d'Dagesuerdnung vun dëser Chamber kommen. Mir bedauern dat hei ausdrécklech, well mer awer d'Nëtzelechkeet vun esou engem Instrument schonn unerkennen, wann e sech an der Logik vum Regierungsprojet weider beweegt.

Ech wëll elo nach op e puer méi Klenggekeeten agoen. Klenggekeeten, well et eigentlech nëmmen e puer Dispositiounen aus dem Text sinn, déi awer allerdéngs weisen, wéi komplizéiert déi heite Matière ass an déi d'Fro opwerfen, ob den Text wirklech prezis genuch ass, fir eng ganz Rëtsch vu Problemfäll kënnen ze léisen.

Dee Problem kënnt haaptsächlech dohier, well mer eigentlech zwee verschidde Konzepter, déi eigentlech net openeen passen, probéieren hei an deem neien Titel vum Géomètre officiel op een Nenner ze bréngen, wou also esou Leit, déi aus dem Privatsektor kommen, deem Titel kréien a Leit, déi Fonctionnaire assermenté si bei der Kadasterverwaltung, deeselwechten Titel kréie mat deeneselwechte Rechter a Flichten.

Elo stellt sech de Problem vun de Leit, déi an der Kadasterverwaltung schaffen als Ingénieur, déi also ënnert déi speziell Bestëmmungen, och wat d'Disziplin ugeet, vun deem heite Gesetz falen. Wéi wäit ass dat kompatibel a vereinbar mat den allgemenge Bestëmmungen, Disziplinarrecht a Statut vum Fonctionnaire? Dat gräift net gutt aneneen. Do wäerte sech a mengen An eng ganz Rëtsch vu Froe stellen.

Wann deem heiten Text en vigueur gesat gëtt hues de d'Situatioun, dass op där enger Säit Kadaster a privat Büroen iergendwéi a Konkurrenz stinn op engem offene Maart am Vermessungswiesen, op där anerer Säit awer, zum Beispill den Direkter vun der Kadasterverwaltung speziell Befugnisser kritt am disziplinaresche Beräich, wann zum Beispill Plainté géint eenzel Leit aus dem Privatsektor virleien. Dat gräift eigentlech net richteg aneneen, well do eigentlech en Direkter vun enger Verwaltung, déi e Konkurrent ass géigeniwwer de Privaten, Juge gëtt iwwert d'Aarbecht déi de Private mécht. Dat ass eigentlech net ganz kloer vereinbar.

De Géomètre officiel gëtt Officier public, esou steet et am Text. Deen doten Office ass op fir EU-Bierger. Wa se dat maachen, da leeschten se en Eed an den Eed gesäit zum Beispill vir Fidélité au Grand-duc. Dat ass a mengen An e bëssen droleg. Wéi kann e Ressortissant vun engem anere Land schwieri Fidélité au Grand-duc, dem Lëtzeburger Statschef? Dat si vläicht nëmme Bagatellen, mä weist ganz einfach, dass awer deem Text hei duerch déi Philosophie, wou en opgebaut ass, well en en Office public eigentlech hei instituéiert, deem op ass fir EU-Bierger, dann awer eng Vermeschung mécht vu Verwaltungsaufgabe mat aneren Aufgaben. Eng ganz Rëtsch vu praktesche Problemer wäerte sech do stellen.

Zum Beispill steet hei am Text dran: „Déi Leit, déi an Zukunft deem Titel wëlle kréie vum Géomètre officiel,

mussen iwwer genügend Sproochekenntnisser verfügen.“ Elo wësse mer, wat dat zu Diskussiounen Ulass ginn huet, zum Beispill bei dem éierewäerte Beruff vum Affekot, wou laang Diskussiounen waren: Muss et Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch sinn? Mussen et aner Saachen sinn? Geet d'Franséisch duer? Hei gëtt déi Fro einfach ausgeklammert. Hei gëtt einfach am Gesetzestext geschwat vun et müsse genügend Sproochekenntnisser virleien, fir seng Aarbecht kënnen hei zu Lëtzebuerg auszeüben. Wat heescht dat? Ech wëll vun der Regierung wëssen, wat d'Virstellung vum der Regierung an deem dote Punkt sinn opgrond vun all deene Schwierigkeiten, déi mer an anere Beräicher hei haten.

Ech wëll ophale mat der Opzielung, well meng Riedezäit total amgaang ass fortzelaufen. Dir gesitt also mat deene méi prinzipielle Bemierkungen, déi ech gemaach hunn, wéi un enger Rei vu punktuellen Froen, déi ech hei stellen, dass an eisen An deem heiten Text kee gudden Text ass, dass et elo an dësem Moment sécherlech e falscht Signal ass, wat de Wunnengsbau ugeet, an duerfir wäert eis Fraktioun deem heiten Text net stëmmen.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech uganks dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport hei merci soen a félicitéieren, datt en dat esou gutt gemaach huet. Ech mengen, hien huet an engem Wuert ganz kloer ënnerstrach hei ëm wat datt et geet.

Et geet a sech drëm de Service au client, wat d'offiziell Ausmoossen am Kader vum Kadaster ugeet, ze verbessern an deem Sënn, datt an Zukunft et méiglech ass, datt méi séier kann ausgemoozt ginn. Fir de Rescht, mengen ech, war dee Service, deem d'Kadasterverwaltung de Leit ugebuet huet, ëmmer tiptopp an der Rei. Wéi gesot, et huet mat der Dauer gehappert an do war et esou, datt ee fir Lotissementer a Bauplazen, wann ech dat aus dem Dokument hei kann eraushuelen, véier bis sechs Méint huet misse waarden, fir ausgemoozt kënnen ze kréien, a fir déi aner Affären zwee bis dräi Joer. Wat versteet een ënnert deenen Affären, fir déi een zwee bis dräi Joer waarden huet missen? Ganz oft war dat, an dat muss een hei ënnersträichen, Nopeschsträit an dat hat dann Zäit, mä et waren awer och vill aner Saachen, zum Beispill Ugeleeënheete bei de Gemengen, wéi zum Beispill Weeër ausmoossen, awer virun allem och Emprisen.

Wéi gesot, fir d'Situatioun ze verbessern, datt et méi séier geet, ginn et a sech zwou Méiglechkeeten, fir dat ze maachen: Entweder et stellt ee bei der Verwaltung selwer méi Ingenieuren, Geometeren an oder et mécht een et wéi vill vun eisen Nopeschlänner dat gemaach hunn, et gräift een op onofhängeg, op privat offiziell Geometeren zrëck, déi dann eng Hand upaken, fir datt

déi Aarbecht méi séier gemaach gëtt. All déi Geometere hunn am Ausland dann ënnerschiddlech Statuten an ënnerschiddlech Nimm.

Wéi gesot, d'Regierung huet sech entscheet, fir den zweete Wee ze goen, dat heescht, fir Privatleit mat erunzezéien, fir d'Opmooss méi séier ze maachen, aus där Iwwerleeung eraus, datt de Kadaster sech op seng Haaptaufgab soll zrëckbesënnen, déi dora besteet, datt si als Verwaltung soll de Garant sinn, fir d'Exaktheit, fir d'Homogénéitéit an d'Dokumentatioun vun der Opmooss a virun allem, fir de Stat auszemoossen.

Et gëtt dann hei gesot, d'Ausmoossen oder d'Grenze festleeë vun Terrainen, dat géif a sech an d'Aufgabe vum Hoheitsrecht erapassen. Dat ass vläicht net falsch, mä ech kann déi Befierchtungen awer net deelen, datt dat elo kann anescht kommen. Ech sinn der Meenung, datt dat eent dat anert net ausschléisst. An der Praxis geet dat nämlech esou erof, datt egal wie kënnt, ob et en Ingénieur vun der Verwaltung ass oder e private Geometer, et ass ëmmer esou, datt déi zwou Säiten, déi present sinn a wou ausgemoozt gëtt, wou d'Limité festgeluegt sinn, mat där Ausmooss mussen d'accord sinn an hir Ënnerschrëft drop maachen. Wann d'Leit engem Privaten net géifen trauen, da géife se selbstverständlech zrëckgräifen op de Kadaster an dat nach eemol vun deem kontrolléiere loossen.

Iwwert d'Missioun vum Kadaster ginn et a sech keng Diskussiounen. Ech mengen, déi hunn d'Unanimitéit gemaach bei alle Fraktiounen, duerfir wëll ech mech weider net domat beschäftegen. Et gëtt eng Missioun, an déi ass vu mengem Virriedner hei schonn opgeworf ginn, wou d'Geometere selwer net esou frou doriwwer sinn, nämlech dat ass déi, datt den Direkter vun der Verwaltung d'Missioun huet si ze kontrolléieren, op där anerer Säit dann, wa se hir Aarbecht net seriö géife maachen, se dann unzekloen an da selbstverständlech Riichter ze spillen an deem Sënn, datt den Direkter dem Minister da ka Sanktiounen proposéieren.

Si mengen, den Direkter, als Deel vun deem Ganzen, wier do net impartial oder kéint net impartial an deem Ganze sinn a géif dozou gefouert ginn arbiträr Décisiounen hei ze huelen. An deem Sënn hu si fir en Ordre luxembourgeois des géomètres geschwat a plädéiert, dee virun allem dann duerfir suerge soll, wéi een dat op Lëtzebuergesch seet, fir datt d'Kierch soll am Duerf bleiwen.

Si weisen ëmmer erëm drop hin, datt dat e Bestanddeel vun deem ursprüngeleche Gesetz vun 1998 war. E Gesetz, wat a sech op eng Invitatioun vun 1995 zrëckgeet, wou den deemolege Minister si invitéiert hat Statuten auszeschaffe vun esou engem Ordre, wou dat dann iwwert d'Gesetz sollt eng legal Basis ginn. Deemools ass dat Gesetz am Sënn vun zwou Direktiven ënner anerem ausgeschafft ginn: eng Direktiv iwwert d'libre Exécutioun vum Beruff vum Geometer an op där

anerer Säit iwwert d'Reconnaissance vun den Diplomen opgrond vun engem Avis, deem de Statsrot ginn huet, dee virun allem gemengt huet d'Zuel vun de Geometere, déi net beim Stat sinn, wier net héich genuch, fir esou en Ordre ze maachen. Et ass dann drop verzicht ginn deem Ordre hei anzeféieren.

D'Finanzkommissioun huet gemengt, fir am Dossier awer méi séier virunzekommen, wéi wa mer erëm eng ganz Diskussioun dorëmmer géife féieren, da soll een dat ewechloossen. Allerdéngs ass drop higewise ginn, datt et awer gutt wier sech Gedanken iwwert esou en Ordre ze maachen, an de Minister huet sech och engagéiert am Laf vun dësem Joer esou e Projet de loi an der Chamber ze déposéieren, mat deem da selbstverständlech eng Partie Texter kënnten adaptéiert ginn, déi sech bis dohinnet net als schrecklech praktesch géingen erweisen. Dat ass eis duergaangen, esou dass mer an Zukunft nach eng Keier d'Geleeënheet kréien, fir eis doriwwer ze ënnerhalen.

Fir de Rescht géif ech hoffen, dass dat Gesetz sengen Erwaardunge gerecht gëtt, déi mer dra gesat hunn. Dat kann nëmme funktionnéieren, wa sech méi Geometere etabléieren.

Hei géif ech just eng Partie praktesch Froen ernimmen. Et ginn nämlech dräi Méiglechkeeten, fir sech als Geometer niddereeloossen.

Eng éischt ass déi, dass déi Geometere, déi haut beim Stat schaffen, sech elo géifen décidéieren, fir sech als offiziellen, onofhängege Geometer ze etabléieren. Et kënnt ee sech zum Beispill virstellen, dass deem een oder anere jonken Ingenieur dat géif maachen.

Hei schéngt et mir awer esou ze sinn, dass et een Hoke gëtt. Dat ass nämlech dee vum Revenu, fir dass se wiesselen a sech etabléieren. Et misst esou sinn, dass se eng Chance hätten als private Geometer méi ze verdéngen wéi dat wat se elo hunn. Dat ass awer net garantéiert. Ech kommen dorop nach zrëck.

Eng zweet Méiglechkeet ass, dass déi diploméiert Geometere, déi mer elo schonn hei am Land hunn, déi u sech de Rôle vum offiziellen Geometer kënnten iwwerhuelen an déi dat kënne ginn duerch eng Epreuve, all bei aner Patronen engagéiert ginn, déi net nëmme als Aufgab d'Ausmooss hunn, mä ganz oft bei engem Bureau d'études schaffen. Fir dass déi sech kënne etabléieren, musse se déi Aarbecht opginn, déi se nach doniewent maachen, well dat jo am Gesetz als incompatibel gëllt. Fir si stellt sech dann och d'Fro vum Revenu. De Revenu ass natierlech Fonctioun vum Präis vun der Ausmooss, mam Règlement grand-ducal, deem dem Gesetz bäilouch, wou mer d'Tariffer gesot kritt hunn, déi d'Kadasterverwaltung an Zukunft wëllt froen, Tariffer, déi dann d'Geometere och an Zukunft misste froen oder kënnte froen, déi awer menges Wëssens no liicht méi héich leien.

Menger Meenung no kënnt de Problem vum Präis och net iwwert d'Tariffer, mä vläicht éischter iwwert d'Method, wéi alles a Rechnung gestallt gëtt beim Stat op där enger Säit, an op där anerer Säit beim Privaten, well niewent der Ingenieursstonn, déi a Rechnung gesat gëtt, si jo awer och Sekretariatsaarbechten domadder verbonnen, d'Ufaart an d'Reckfaart musse matgerechent ginn, d'Material, dat muss kaaft ginn, muss jo och ofgeschriwwen ginn a mat a Rechnung gesat ginn.

Ech weess net, wéi déi Rechnunge bei deenen engen a bei deenen anere gemaach ginn, mä doduerch kënnt eng Differenz entstoen, déi menger Meenung no awer kee Rôle spillt bei deenen décken Affären. Loosst mer déi emol esou nennen, well do ass zevill am Enjeu, fir dass do nom Tarif oder no der Rechnung vum der Ausmooss gekuckt gëtt, mä et kënnt u sech eng Roll spille bei deene klengen Affären, wou haut souwiso scho relativ laang drop gewaart gëtt, fir se auszemoossen, an dat kënnt dann erëm géigeproduktiv sinn an deem Sënn, dass wann de Revenu net géif klappen an doduerch sech keng Geometere géifen etabléieren, dann erëm keng do wiere fir déi kleng Saachen auszemoossen, well d'Leit jo dann awer géife waarde bis de Geometer vum Stat géif kommen, fir dat auszemoossen.

Also ass d'Etabléiere vun onofhängege private Geometere menger Meenung no Fonctioun vun deenen hirem Revenu. Wa se awer gären Aarbecht hätten, da musse se méi bëlleg schaffen, a wa se méi bëlleg schaffen, dann hu se natierlech keen esou en héije Revenu a si kënnen dee Revenu och net doduerch kompenséieren, dass se nach aner Aarbechte kënnen dobäi maachen.

Dee Problem stellt sech allerdéngs dann och fir déi nei Geometere, déi sech wëllen etabléieren. Ech hu mer soe gelooss, et wieren à peu près eng zéng Studenten ënnerwee, déi d'Handwierk vum Geometer géife léieren. Et ass sécher, dass déi fir de Moment keng Plaz beim Stat kënnen kréien, well de Kader voll ass. Also si ze gezwongen, wa se sech gären etabléieren, dat privat ze maachen. Fir dass se dat kënnen maachen, musse se allerdéngs e Stage maache bei engem private Geometer. Fir dass se dee Stage kënnen maachen, musse sech awer virdu privat Geometere etabléieren. Or, déi Konditioun si sécherlech nëmmen erfëllt, wann de Revenu klappt. Och do schéngt mer nach e Problem ze si wat de Stage ugeet fir déi nei a si kënnen jo och eréischt bei d'Kadasterverwaltung kommen, wa se op d'mannst ee Joer bei engem Privatgeometer waren. Och do muss ee kucken, wéi dat sech entwéckelt.

Ech mengen awer, dass dat Gesetz hei, fir eis op d'mannst, an déi richteg Richtung geet. Och wann ech déi puer praktesch Froen hei wollt opwerfen, sinn ech der Meenung, dass mer deem Gesetz hei eng Chance solle ginn, et eis menger Meenung och ka behëlleflech si fir eng Partie Korrekturen un deem Gesetz ze maachen, mä op Grond vun deenen Erfahrungen, déi mer an der Tëschenzäit maachen.

An deem Sënn géif ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Deen ass net do.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, den Här Gibéryen huet mech beoptraagt lech ze soen, dass en en Termin huet an en net weess, ob en zur Zäit erëm ass.

M. le Président.- Den Här Serge Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen net dacks esou fréi drun, dofir muss ech alt e bësse profitéieren.

Dëse Projet ass schonn 1998 vun der leschter Regierung déposéiert ginn, mat der Absicht de Beruff vum Geometer ze liberaliséieren.

Dee Beruff ass bis elo exklusiv vu Geometere beim staatleche Kadasteramt, bei de Gemengen a bei der Eisebunn ausgeübt ginn. Obschonn e liberalen Exercice vum Gesetz hier net prinzipiell ausgeschloss war, war en awer duerch feelend Nidderloossungsbestëmmungen an eng restriktiv Tariféierung vun deene verschiddenen Akten, déi keng Benefisser erlaabt huet, an der Praxis onméiglech, och wa verschidde Geometere geschafft hunn als Ingenieure bei Privatfirmen, a verschidde Bureaux d'études schonn elo dem Kadasteramt gehollef hunn.

Begrënnt gëtt dee Projet mat där viller Aarbecht, deenen neien Täch vum Kadasteramt an deene laangen Délaien, déi keen effikasse Service public ënnert deenen Émstänn méi garantéieren. D'Délaië bei ugefrote Vermessunge bedroë Méint a Joren. D'Opstelle vum Cadastre vertical bei de Résidencë geet einfach net virun an och déi Verlängerung am Joer 1998 vum Délai ëm fënnf Joer, fir all Résidencen ze erfaassen, ass scho bal eriwuer, ouni dass en nennenswäerte Fortgank do ze verzechnen gewiescht wier.

Et muss een awer och soen, dass déi Engpäss, déi jo bestinn, bewusst provoziert gi sinn a mengen Aen, andeems zënter Jore keng nei Posten am Kadasteramt méi ausgeschriwwen gi sinn an déi nei ausbilde Leit keen Débouché fonnt hunn, esou dass och vum Beruff hier e gewëssenen Drock a Richtung Liberaliséierung entstanen ass.

Dëst Gesetz schwëmmt ganz däitlech am Trend vun der Liberaliséierung a wëllt him an deem Beräich zum Duerchbroch verhëllefen. En neien, liberale Beruff, deen et virun net ginn ass zu Lëtzebuerg, gëtt förmlech aus dem Buedem gestampft, an no Alternativen ass net gesicht ginn.

Dat erkläert och déi Kriticken, déi emol hei, emol do geäussert gi sinn, heiansdo souguer vun der Majoritéit. Ech hu gelies, dass gesot ginn ass, dëst Gesetz wier eng Kapitulation vun der Administratioun.

Et fällt op, dass dëse Gesetzprojet, grad esou wéi och zwee aner Gesetzprojeten, zum Beispill deen iwwert d'technesch Kontrollstationen, dee mer d'lescht Woch hei gestëmmt hunn, an deen iwwert de Registre de Commerce, deen nach aussteet, grad a Kärberäicher vun de staatleche Kontrollbefugnisse an der staatlecher Normefestleeung privaten Acteure Fonctiounen gëtt vum sougenannte „pouvoir régalié“.

Dobäi ass ëmmer gesot ginn, déi Kärberäicher géife vun der Liberaliséierung ausgeklamert ginn. Et ass also esou, dass a Wierklechkeet keng Beräicher méi virun der aktueller Liberaliséierungswut sécher sinn. Et freet ee sech, wéi laang déi Salamistaktik nach ka weidergefouert ginn, ier en nennenswäerte Widderstand dogéint an der Gesellschaft ze verzeche wäert sinn.

Et gëtt eis wuel assuréiert, dass all Garantie fir e korrekte Service public och weiderhin do wieren. Esou géifen d'Geometere ënnert der Kontroll stoe vum Kadasteramt a missten déi bestehend Gesetzer a Reglementer anhalen.

Et gëtt och niewent deenen einfache Geometere, déi all Zorte vun net offizielle Vermessunge kënnen maachen, d'Kategorie vun de „géomètres officiels“ geschaaft, déi vereedegt ginn an eleng Pläng kënnen erstellen, déi bei authentischen Akte gebraucht kënnen ginn, zum Beispill wat d'Fixéierung vun de Grenzen tëschent Propriétéiten ugeet. Allerdéngs sollen och d'Géomètres officiels dëse Beruff als liberale Beruff kënnen ausüben, och a Form vun Associatiounen. Et war am ursprüngeleche Projet souguer virgesinn, dass se kënnen kommerziell Gesellschaften bilden.

Et sinn zwar eng Rei Garde-fous geschafe ginn, déi dora bestinn, dass se nëmme méi Geometersaufgabe wouer huelen an net zum Beispill Promoteurs immobiliers kënnen spillen.

Mä et ass awer esou, dass och déi staatlech zertifizéiert Geometere allméiglech Geometersaufgabe kënnen iwwerhuelen, och zum Beispill fir d'Privatindustrie. Dobäi leeschte si als Géomètres officiels, och wa si aus anere Memberstate kommen, en Eed op d'Lëtzebuerger Verfassung. Si hunn also eng besonnesch zwiespälteg Situatioun vis-à-vis vum Pouvoir de l'Etat, deem seng Fonctiounen se deelweis iwwerhuelen, ouni awer Statsbeamten ze sinn, an andeems se weiderhi fir de Privatsektor schaffen kënnen.

Eng Vermeschung vun de Genrë fënnt also ouni Zweifel hei statt. Et ass souguer gefaart gi vu Säite vun der Geometersvereinigung, dass international Geometersgesellschaften kënnen optrieden, déi spezialiséiert sinn, déi a grouse Moosstëb operéieren, fir zum Beispill iwwer Associatiounsverträge mat Lëtzebuerger Geometere hei de Maart ze eroberen, och de Maart vun den offiziellen, rechtskräftege Vermessungen, wat jo prinzipiell duerch dat Gesetz hei net ausgeschloss ass.

D'Situatioun wier awer net anescht, wann et sech ëm Lëtzebuerger Geometersgesellschaften handelt, déi esou virginn. Ech wëll net soen, dass déi Kritik sech eleng bezitt op auslännesch Geometersgesellschaften.

D'Kadasteramt selwer soll jo kënnen déi Vermessungen parallel weidermaachen, soll sech awer op Optrag fir den öffentleche Beräich begrenzen a wahrscheinlech an Zukunft ëmmer manner Vermessungen maachen a sech op d'Verwaltung vu Regëster, Kaarten, Dokumentatiounen an offiziell Publikatiounen an d'Interaktioun mam Enregistrement këmmen, déi allerdéngs scho laang iwwerfälleg an noutwendeg ass. Dat ass den Objet vun deem zweete Gesetzprojet.

Wie seet Liberaliséierung, seet natierlech och eng reell Präispolitik. Et ass dann eriwuer mat den Taxe vu vir-drun. D'Tariffer vun de Geometere ginn dann iwwer e Règlement grand-ducal festgeluegt, an et ass ouni Zweifel mat enger Verdeierung vum Bauen ze rechnen, zu engem Zäitpunkt, wou d'Regierung eng Rei vu Gesetzer wëllt stëmme loossen, fir d'Bauen ze erliichteren.

Eng Alternativ wier den Ausbau, d'Dezentraliséierung an d'Verbesserung vun der Funktiounsweis vum Kadasteramt gewiescht, verbonne mat enger offensiver Personalpolitik, eventuell iwwert de Wee vun engem Etablissement public, eventuell esouguer iwwert de Statut vum Employé de l'Etat, wann een déi Leit net hätt wëlle Statsbeamte maachen. Iwwert de Wee hätt och kënnen zum Beispill eng differenzéiert Taxepolitik décidéiert ginn, déi hätt kënnen eng gewësse Steuerungswirkung op den Immobiliemarkt an op de Wunnungsbaun hunn.

Deen heite Projet awer vun der Liberaliséierung vum Geometersberuff, esou wéi en elo virläit, gëtt vun eis integral ofgeleent. Beim Projet iwwert d'Kadasteramt wëll ech mech enthalten, well en trotzdeem awer eng Rei vun Innovatiounen enthält, déi noutwendeg sinn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Haupt huet hei op eng ganz detailléiert Aart a Weis de Contenu vun dësem Projet de loi exposéiert, sou datt ech him duerfir wëll härelech merci soen an net méi brauch dorobber anzegeen.

Ech géing just gären e puer Observatiounen maachen opgrond vun deem, wat hei de Mëtteg gesot ginn ass.

D'Zilsetzung vun deem Gesetz ass ganz kloer, fir d'Délaie vun den Ausmoossungen substanzéiert erfesetzen. Et muss een och feststellen, datt mir dat eenzegt Land an Europa sinn, wou d'Verwaltung déi offiziell Ausmoossungen haut eleng nach mécht. Wann ech zum Beispill a Länner ronderëm eis kucke wéi Frankräich oder

d'Belscht, do mécht d'Verwaltung iwwerhaapt keng esou Ausmoossunge méi. Mir maachen hei also net eppes, wat elo eppes Extraordinäres wär. Dat ass a Länner gemaach ginn, wou aner Parteien um Rudder ware wéi déi, déi zu Lëtzebuerg um Rudder waren. Et soll een also och net maachen, wéi wa mir hei géingen d'Enn vum Service public alauden.

Bien au contraire! Ech mengen, datt mer hei eng Method hunn, déi sech wäert grondsätzlech méi duerchsetzen, nämlech datt de Stat eng ganz wichteg Roll huet an hält – an ech ënnersträichen dat –, nämlech eng Fonctioun vu Supervisioun, an datt anerer, déi vum Stat autoriséiert sinn Aufgaben auszeüben – wéi gesot net egal wee kann dat ausüben, mä nëmmen dann, wann e vum Stat autoriséiert ass.

Mir hunn dat bei den Notairen, mir hunn dat bei den Huissieren, mir hunn dat bei de Réviseurs. Dat si réglementéiert Beruffer, déi eng gewëssen Aufgab ausüben. Déi gi vum Stat kontrolléiert an et ass an deem nämlechte Geescht, wou hei dat och elo op de Kadaster ausgedehnt gëtt.

Ech stellen och fest, datt hei am Parlament, mat Ausnahm vun de Sozialisten, déi aner Fraktiounen keng gréisser Problemer mat dësem Gesetz hunn. Ech muss allerdéngs soen, datt ech mech dobäi de Mëtten extrem gewonnert hunn.

Well dëst ass e Projet, Dir Dammen an Dir Hären, aus der viregter Legislaturperiod, deen also de Seege vun der CSV/LSAP-Regierung huet a bei deem ech duerfir mat gréisstem Erstaune muss feststellen, datt grad déi Partei, déi dee Projet an der Regierung an der Solidarité gouvernementale 1998 mat ënnerstëtzt huet...

(Interruption)

Wat gelift?

Une voix.- Dir hutt grad d'Äntwert ginn. Eng Solidaritéit spillt do. Dat wëllt awer net heeschen, datt ee mat allem d'accord muss sinn.

(Brouhaha général)

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Jo, et gesäit een also: D'CSV hat sech an där Regierung duerchgesat.

(Hilarité et interruptions)

Mä souguer déi, déi net an der Solidarité gouvernementale waren, déi awer President vun der LSAP waren a sinn, hunn den 18. Mäerz 1999 an dësem Parlament gesot - dat ass den Här Jean Asselborn -, Här President, ech zitieren: „Ech fannen et gutt, datt mer op dee Wee ginn, dass dann och Privatleit dee Moment kënnen esou eng Fonctioun ausüben. Alleguer déi, déi Verantwortung hunn an de Gemengen, wëssen, wéi laang dass d'Leit heiansdo musse waarden, ier de Mesurage gemaach gëtt, well de Kadaster eigentlech ze vill Aarbecht

ze bewältegen huet. Duerfir ass dat doten, mengen ech, en Avantage fir d'Leit.“

(Brouhaha général)

Dat steet am Bericht vum Joer 1999 op der Säit 2023 an ech soen hei, ech si mam Här Asselborn d'accord, an duerfir...

(Hilarité et interruptions)

...hu mer dee Projet esou duerch d'Parlament bruecht, wéi mer e bruecht hunn.

Et kann een net, wann een an d'Oppositioun kënnt, op eemol dat schlecht fannen, wat ee virdru gutt fonnt huet.

Dann zu där zweeter Observatioun, fundamentaler Kritik: déi vun de Präisser. Och do géing ech lech wëlle soen, datt dës Regierung dee Règlement grand-ducal, deen d'Präisser festleet, nach net definitiv ofgeseent huet. Dee Règlement grand-ducal, deen awer hannert deem als Projet an der Kommissioun ausgedeele gëtt an dee meng Handschrëft selbstverständlech dréit, well ech déi Fonctioun an der viregter an an dëser Regierung hunn, baséiert op deenen Tariffer, déi 1998 an der Regierung diskutéiert gi sinn. De Conseil d'Etat huet esouguer bei sengem Avis doriwwer gesot, e géing sech froen, ob d'Vue dann zënter 1998 bis haut, wou schlussendlech véier Joer vergaange sinn, wou och d'Präisser méi deier gi sinn, ob een déi Tariffer net misst no uewe revidéieren.

Ech hu mech deem bis elo widdersat. Ech hu gesot: Ech gesinn, datt mer do eng Problematik hunn. Ech mengen awer grad esou, datt et net richtig ass, datt de Stat Aufgaben ausübt, déi e quasi fir näischt mécht. Wann ech feststellen, datt haut eng Stonn vun engem Techniker zum Beispill beim Stat verrechent gëtt mat 14,87 €, da soen ech lech, dann ass dat absolut net méi akzeptabel, well hei e Service um Client awer gemaach gëtt. Service, deen och muss gutt gemaach ginn. Wa mir da proposéieren, an Zukunft 38 € ze verrechnen – wéi gesot proposéieren, well et ass e Projet de Règlement grand-ducal –, da mengen ech, datt mer domadder net de Wunnengsbau zu Lëtzebuerg massiv verdeieren, wann een déi Präisser kuckt, déi de Moment fir den Ar gefrot ginn. Da kann ee mer net kommen, datt, wann do een Techniker e puer Stonne rechent, datt doduerch de Wunnengsbau zu Lëtzebuerg méi deier gëtt.

Ech sinn och d'accord, wann dat den allgemenge Wonsch wär vum Parlament, fir déi Präisser op deem inakzeptablen Taux vun haut ze loossen, mä da léise mer d'Problemer net.

Souwisou – an dat huet och ee vun de Spriecher gesot, ech mengen et war den Här Bodry – gëtt haut scho ganz vill am Privatsektor, besonnesch bei grouse Lotissementen, ausgemoozt. Déi huelen Tariffer, déi an deene Secteure bestinn, notament bei den Architekten an

den Ingenieuren, an déi si souwisou wäit méi héich wéi déi, déi mir hei proposéieren.

Ech hunn och meng Leit gefrot emol ze kucken, wéi d'Tariffer am Saarland an a Rheinland-Pfalz zum Beispill wäeren. Do sinn d'Tariffer méi héich wéi déi, déi mir hei proposéieren. Mir liewen also och net op enger Insel, an dofir géif ech mech hei dergéint wieren, datt ee seet, datt dat, wat de Stat géing proposéieren, gëtt de Wunnengsbau zu Lëtzebuerg méi deier. Dat ass ganz einfach falsch.

Wat den Ordre des Géomètres ubelaangt, sou wëll ech hei all deene soen, déi dozou geschwat hunn, datt och d'Regierung fir esou een Ordre des Géomètres war, datt mer awer do op eng Opposition vum Statsrot geroode sinn. Ech hunn an der Kommissioun gesot, an ech soen dat och hei am Plenum, datt ech bereet sinn e separate Projet de loi fir en Ordre vun de Geometere an der Chamber anzebréngen. Da kënne mer doriwwer diskutéieren an ofstëmmen. Mir wollten, wéi gesot, elo heimadder virukommen an net dowéinst nach eng Kéier e puer Joer verléieren.

Déi aner Detailler schéng mer net esou substanzier Natur gewiescht ze sinn. Ech géing just prinzipiell wëlle soen, vun deene punktuell Froen, déi opgeworf gi sinn, datt, wat d'Disziplinarrecht ubelaangt, esou schéngt et mir ganz kloer am Text ze sinn, datt déi, déi de Geometer si beim Kadaster, datt déi selbstverständlech dem Disziplinarrecht vum Fonctionnaire ënnerworfen sinn. Ech mengen, et steet am Artikel 13 vun deem Gesetz. Do ass also absolut keen Duercherneen do geschaf ginn. Déi, déi beim Stat schaffen, si selbstverständlech Fonctionnaire, ënnerleien och deem Disziplinarrecht. Beim Eed gesinn ech och kee gréisser Problem. Och Auslänner kënnen een Eed op eis Verfassung an op de Grand-Duc ofleeën,...

(Interruptions)

...well och déi auslännesch Affekoten, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, müssen allegueren den Eed op eise Statschef ofleeën. Dat schéngt mer och normal ze sinn, well se hei zu Lëtzebuerg exercéieren. Wann an Zukunft eng Kéier Leit beim Stat schaffen, déi eng aner Nationalitéit aus engem EU-Land hunn, da schéngt et mer och normal, datt déi den Eed op eis Verfassung an op eis Institutiounen ofleeën.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt mer heimadder keng Revolutioun zu Lëtzebuerg maachen, mä datt mer am Intérêt vun de Leit méi schnell Ausmoossunge kënne maachen, fir datt mer och grad an dem Wunnengsbau, wou mer a leschter Zäit an an nächster Zäit nach vill wäerte bauen, well d'Bevölkerungszuel, ob mer et wëllen oder net, uwiisst, datt mer do mat den Ausmoossunge méi schnell virukommen an duerfir am Fong hei e Gesetz maachen, wat am Intérêt vun deene Leit ass, déi hei am Land

wunnen, an ech soen all deene merci, déi duerfir dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Alex Bodry freet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP)- Här President, just fir drop opmierksam ze maachen – de Minister kann et vläicht bestätegen, a wann net, da géif ech e bieden, d'Protokoll vum Regierungsrat vun där Period nozeliesen –, dass ech sengerzäit als Minister – zwar als eenzeg – deenege war, deen op déi praktesch Auswierkung vum deem Gesetz opmierksam gemaach huet a meng Bedenke geäussert hunn, dass dat do géif zu enger Verdeierung féiere vun de bestehenden Tariffer. Dat ass aktenkundig. Dat ass a Conseil-de-Gouvernements-Rapporten nozeliesen.

Zweet Feststellung, déi ech wollt maachen, dat ass, dass ech keng Äntwert kritt hu vum Minister op d'Fro vun de Sproochen, wat dann déi Connaissance sinn, déi dee Kandidat muss hunn. Dat ass eng wichteg Fro, eng praktesch Fro. Do hätt ech gär eng kloer Äntwert drop.

M. le Président.- Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Iwwert d'Rapporte vum Conseil de Gouvernement gëtt et eng Regel, datt een iwwert den Inhalt vu Gespréicher vum Conseil de Gouvernement net där schwätzen. Sou kann ech déi éischt Fro net beäntweren.

(Interruptions)

Une voix.- Très bien!

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Déi zweet ass eng gutt Fro, well mer an dësem Gesetz effektiv dra geschriwwen hunn „connaissances linguistiques“.

Et schéngt mir sou ze sinn, ech muss mech mat där Fro nach méi am Detail ausernee setzen, mä déi Fro, datt Connaissances linguistiques dra stinn, ouni datt prezisiert ginn ass, wéi eng et wäeren, wa mer déi Diskussioun vläicht e bëssen éischer gehat hätten, dann hätt een et och nach sollen expressis verbis dräschreien.

Mä ech mengen, et gëllt do, wéi an deenen Debatten, déi mer virun e puer Wochen haten, datt et wichteg ass, datt déi Leit, déi déi Aufgab do maachen, déi zu Lëtzebuerg üblech Sproochen kënne schwätzen.

Ech wäert dat nach eng Kéier mat der Verwaltung och beschwätzen, mä ech gesinn net, datt mer an dësem Domän géingen elo gréisser Ausnahme maachen, well dat eng prinzipiell Fro ass, déi mer, wéi gesot, d'lescht Woch hei diskutiert hu bei de Gerichter. Dat hei si Leit, déi och mat der Verwaltung ze dinn hunn. Et wier mir scho léif, wann och si déi dräi Sproochen, déi zu

Lëtzebuerg üblech sinn, well se musse mat de Clienten a mat der Verwaltung schwätzen, och géinge beherrschen.

Wéi gesot, mir hunn en net an d'Gesetz drageschriwwen, mä am Gesetz steet, si missten déi Connaisances-linguistiquen hunn, déi hei zu Lëtzebuerg usus sinn.

Ech si gär bereet, mat der Kommissioun, och do hiren Avis driwwer anzehuelen, well mer elo, wa mer déi éischt Agrémente vun esou Geometere kréien, well mer do da mussen doriwwer decidéieren.

Ech weess net, ob dat Leit sinn, déi net déi dräi Sprooche schwätzen. Dat ass vläicht net de Fall. Ech weess dat net, mä dee Moment musse mer dat tranchéieren.

Ech sinn do gäre bereet, den Avis vun der Chamber ze héieren, mä meng Meenung ass, datt se mussen all déi hei üblech Sprooche kënne schwätzen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4464A a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 23 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, elo kéime mer dann zur Ofstëmmung iwwert de Gesetzprojet 4464A.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi 4464A ass ugeholl mat 46 Jo- a 14 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Lecture vum Projet de loi 4464B.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 21 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4464B.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de virleiende Gesetzesprojet sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, stëmme mat Nee oder enthalen sech.

De Projet de loi 4464B ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (M. Jeannot Belling), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum nächste Punkt vun eiser Tagesordnung, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4945 iwwert den CECA-Vertrag. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Hären: Wiseler, Fayot, Rippinger, Henckes, Huss an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

6. Projet de loi 4945 portant approbation de la Décision des représentants des Gouvernements des Etats membres, réunis au sein du Conseil, relative aux conséquences financières de l'expiration du Traité CECA et au Fonds de recherche du charbon et de l'acier, adoptée le 27 février 2002

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Modell zwee géif mer u sech erlaben e ganz wäiten Historique iwwert den CECA-Vertrag ze maachen, iwwert seng 50 Joer an iwwert säin Auslaf, mä ech mengen den CECA-Vertrag a seng 50 Joer sinn an de leschte Woche gebührend gefeiert ginn. An deem Sënn géif ech da fräiwëlleg op de Modell null iwwergoen, fir dat esou kuerz wéi méiglech ze maachen.

Fir e Wuert ze gebrauchen, wat een am Tour de France gebraucht, kéint ee soen, géif et sech hei ëm ee Gesetz handeln, wat eng Loi balai wier, a mir spillen a sech e bësse Voiture balai, well dat, wat mer haut diskutéieren, ass a sech schonn am Kader vum Traité vun Nice diskutéiert ginn. Et geet an deem Gesetz hei ganz einfach eben ëm déi finanziell Konsequenze vum Auslaf vun deem CECA-Vertrag, deen den 23. Juli ausleeft, an iwwert d'Schafung vun engem Forschungsfong, dee mat Kuel a mat Stol ze dinn huet.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Dese Problem ass an engem Protokoll am Kader vum Traité vun Nice scho geléist ginn. Do war nämlech décidéiert ginn dës Gelder, déi nach bei der CECA sinn, an e Forschungsfong ze iwwerdreen oder e Forschungsfong domat ze speisen, dee mat Kuel a Stol ze dinn huet, mä well den Traité vun Nice jo awer, bedingt duerch d'Ëmstänn, déi mer kennen, sécher net bis den 23. Juli kann a Kraaft trieden, hunn d'Vertreieder vun de Länner aus der Europäescher Unioun décidéiert d'Kommissioun provisoersch an en attendant, datt den Transfert vun de Fonge vollzunn ass, mat der Gestiou vum dem aktiven a passiven Patrimoine vun der CECA ze beoptragen, esou datt si dat géréieren.

Dat ass verbonnen domat, datt d'Kommissioun soll fir d'Rentabilitéit vun deene Gelder hei garantéieren. Si soll nämme Forschungsprojete finanziell ënnerstëtzen, déi mat Kuel a Stol ze dinn hunn an déi net schonn duerch aner Forschungsprojeten oder Forschungsprogrammer ofgedeckt sinn. Déi net gebrauchte Gelder a Kreditter um Enn all Kéiers vum Joer, den 31. Dezember, sollen op dat Joer drop reportéiert ginn a kënnen kengen anere Kreditter zougefouert ginn. Dann ass nach décidéiert ginn, datt d'Kommissioun a sech entschädegt gëtt, fir déi Fongen hei ze géréieren.

An deem Sënn géif ech d'Chamber bidden deem Projet hei zouzestëmmen. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV).- Merci, Här President. Ech wëilt fir d'éischt dem Rapporteur Emile Calmes aganks kuerz merci soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Hien huet dat gutt an ausféierlech gemaach.

Den 23. Juli 2002 dréine mer eng wichteg Säit am Geschichtsbuch vun der europäescher Integratioun a vun eisem Land. Ech mengen, iwwert de Projet a seng Technicitéit ass an deem Sënn net méi ze soe wéi dat, wat den Här Calmes gesot huet. Nach wëll ech awer just zwou Minutte mer Zäit huelen, fir vläicht iwwert dee sentimental Deel, deen dee Projet awer a sech huet - an dat kann een net niéieren - iwwert deen historeschen an onrationellen Deel, deen domadder verbonnen ass, e puer Wierder ze soen.

Den Traité iwwert d'CECA ass den 18. Abrëll 1951 vun der Belscht, Holland, Italien, Frankräich, Däitschland a Lëtzebuerg fir eng Dauer vu 50 Joer signéiert ginn. Mam 23. Juli 2002 hu mer dësen Délai deemno liicht iwwerschratt. D'CECA huet d'Deklaratioun Schuman vum 9. Mee 1950 konkretiséiert. Fënnf Joer, nodeems den europäesche Kontinent duerch den Zweete Weltkrich zerstiéiert ginn ass, huet de Robert Schuman proposéiert d'Produktioun vu Stol a Kuelen a Frankräich an an Däitschland ënnert eng héich Autoritéit ze setzen. Et war deemools keen Zoufall, datt speziell an dësen zwee Secteuren e gemeinsame Marché créiert gouf. Stol a Kuele waren, a sinn et zum Deel haut nach, déi Matière, déi entscheidend si fir eng Krichsféierung an eng Waffenindustrie.

(Coups de cloche de la Présidence)

An den Nokrichsjoren ass d'Demande fir dës zwou Matièren ëmmer méi zréckgaangen an déi Länner, déi sech ekonomesch op dës zwou Matière gestäipt hunn, hu riskéiert an eng wirtschaftlech Rezessioun ze falen. Fir Länner wéi Lëtzebuerg an d'Belscht, wou d'Stolindustrie eng grouss wirtschaftlech Bedeitung hat, war et selbstverständlech deem Traité bäizetrieden. Et war eng